# *Hamilius* – Hip Hop culture in Luxembourg

Fränk Muno

Tom Schmit

Hamilius ass net nëmmen den Numm vun deem wuel bekannteste „Busarrêt" zu Lëtzebuerg, mä och nach den Titel vum Alain Tshinza sengem rezenten Dokumentarfilm, deen een zënter November op DVD ze kafe kritt. Laang hunn d'Hip-Hop-Fans op dës Sortie misse waarden. D'Kinospremière vum Film war nämlech schonn am Mäerz 2010. Mä Gedold ass bekanntlech jo eng Tugend.

Fänke mer awer emol ganz vir un an zwar mam Begrëff „Hip Hop". Vill Leit mengen ze wëssen, wat sech hannert dësem Begrëff verstoppt. Mä wann een dann awer emol probéiert fir „Hip Hop" ze definéieren, da fält engem séier op, dass dat guer net esou evident ass, wéi een dat vläicht am Ufank gemengt huet. An der wëssenschaftlecher Literatur erkennt ee grondsätzlech zwou verschidden Opfaassungen. Op enger Säit gëtt Hip Hop als Museksriichtung interpretéiert an anersäits als eng global Kulturbeweegung. Ufanks war et souguer éischter eng reng „black youth culture" oder „black popular culture", déi haut zu enger globaler „cultural practice" evoluéiert huet. A well déi kulturell Duerstellung vum Begrëff „Hip Hop", déi musikalesch Ausprägung impliziéiert, weist den Alain Tshinza ons a sengem Hamilius, dass déi zwou verschidden Opfaassunge kombinéierbar sinn an „Hip Hop" dofir als kulturelle Sammelbegrëff gebraucht ka ginn, deen aus véier bestëmmten Elementer besteet. Dës véier Elementer sinn: „Rap" (als Gesangsform), „DJ'ing" (als Museksform), „Breakdance" (als Danzform) a „Graffiti" (als bildlech Duerstellungsform).

An esou hëlt den Alain Tshinza de Spectateur dann och mat op eng Rees, déi e bësse méi wéi 90 Minutten dauert an emol eng aner Säit vu Lëtzebuerg weist, wéi ee se vläicht aus der alldeeglecher Aktualitéit kennt. Während dëser, nenne mer et „exotescher" Rees, well et fir déi meescht éischter Neiland ass, wat se do gesinn, ginn dann och Schrëtt fir Schrëtt déi véier Schlësselelementer, déi den „Hip Hop" ausmaachen, erklärt. Intressant ass awer dem Realisateur seng Approche, fir dëst ze maachen. Nieft deenen ästhetesch uspriechende Biller, wéi zum Beispill vun aktuellen „Breakdancer", dréit den Alain Tshinza och nach um Rad vun der Zäit. Hie weist nämlech wéi Ufanks vun den 1980er Joeren eng Partie Jugendlecher zu Lëtzebuerg d'Hip-Hop-Beweegung opliewegelooss hunn. „Beweegung" entpuppt sech hei als Schlësselwuert, wann ee bis weess, dass alles mam Breakdance ugefaangen huet.

An et ass d'Vermësche vun Archivbiller, déi d'Jonge vun deemools weisen, an aktuellen Interviewe mat den erwuessene Männer, déi se gi sinn, déi mëttlerweil all beruflech täteg sinn a sech mat Freed un déi vergaangen Zäit erënneren, déi aus dëser Partie vum Documentaire e richtege „feel good movie" maachen. Et mécht einfach Freed ze gesinn, wéi déi erwuesse Männer vun haut op hir Breakdance-Aktivitéite vun deemools zréckblécken.

Et sollt awer net beim Danzen ophalen, a sou koum et, dass ënner anerem duerch den Afloss vun MTV, e puer Jonker op de Goût vum „Rapen" komm sinn. Den DJ Mike MC, wéi en an den 1980er Joere genannt gouf, erënnert sech: „Ok, ech wosst ... Mir si wäiss. Ech si wäiss. Mir mussen eppes maachen, wat iergendwou awer credibel bleift. Mir kënnen net sangen iwwer Problemer vun de Schwaarzen an Amerika. Dunn hu mer gesot, mir maachen éischter de ‚Party Rap'." Lidder wéi *Girl, give love to me* oder *Move your body* waren d'Resultat. Wann een d'Archivmaterial vun dëse Cliper haut gesäit, muss een zwar iwwert

**Op enger Säit gëtt Hip Hop als Museksriichtung interpretéiert an anersäits als eng global Kulturbeweegung.**

De Fränk Muno ass am leschte Joer vum Master an der Luxemburgistik op der Uni Lëtzebuerg. Dodernieft ass hien amgaang ee vu Samsa Film produzéierten Dokumentarfilm ze realiséieren (zesumme mam Raoul Schmitz a Christian Muno): *Nak Muay* ass e Portrait iwwer de Kevin Haas, e lëtzebuergesche Weltmeeschter am Thaiboxen.

Den Tom Schmit huet e „Bachelor en cultures européennes, section histoire" an ass am 3. Semester vun de Lëtzebuerger Studien, Linguistik, Kultur a Medien op der Uni Lëtzebuerg. Dernieft ass hien aktive Member an der Equipe vum Unisradio um soziokulturelle Radio 100,7.



Alain Tshinza

de Look vum DJ Mike MC schmunzelen, mä et huet sech awer eppes an der Lëtzebuerger Hip-Hop-Zeen gedoen.

Mam Aféiere vum drëtten Element, dem „Graffiti", fléisst e Sujet an den Documentaire eran, deen duerch Zäitlosegkeet geprägt ass. Et ass dann och fir d'éischt, dass de Spectateur deen nationalen Territoire verléisst, fir Graffiti-Kënschtler zu Tréier bei hirem Zäitverdreiw nozekucken. Duerch Demonstratioun vun de verschidde „Sprayer" ass gudd nozevollzéien, firwat dës Konscht mëttlerweil als „Streetart" ugesi gëtt. Op nationalem Plang ass et haaptsächlech de Sumo, deen aus der Masse eraussténcht.

Dat lescht Element, dat „Hip Hop" kompletéiert, ass „DJ'ing". Fir dëst ze presentéieren, gëtt de Spectateur mat op Bréissel geholl, wou ee Lëtzebuerger virgestallt gëtt, dee sech an der belscher Haaptstad als professionellen DJ etabléiert huet. Selbstverständlech stellt den DJ Kwistax säi Kënnen dann och ënner Beweis. Mä eppes, dat dee Moment nach méi gelongen ass, wéi dem DJ säi Mix, ass de Montage vun de Biller. Währenddeem een dem DJ bei senger Aarbecht nokuckt, entdeckt den Zuschauer dem DJ seng Aarbecht duerch eng originell scandéiert Billersequenz, déi vun der Bréisseler Metro Statioun an d'Disko bis nees zréck an dem DJ seng Stuff féieren. Esou ästhetesch ganz uspriechend Momenter kompenséieren dee Moment, dass et verschiddenen Interviewpartner un Déift feelt a sech net am Laf vum Film etabléiert kréien.

**Et mierkt een, dass et effektiv eng Lëtzebuerger Hip-Hop-Kultur gëtt, déi sech besonnesch säit dem Millenium staark entwéckelt huet.**

Déi lescht hallef Stonn vum Film kënnt een dann nees do un, wou d'Rees am Ufank fortgaang ass. Nodeems een d'Hip-Hop-Elementer zu Tréier, Bréissel, am Minett an am Norde vum Grand-Duché gewise krut, ass een zum Schluss nees um Centre Hamilius. Dëse leschten Drëttel vum Alain Tshinza sengem Documentaire illustréiert, wéi den Hip Hop sech zwëschen 2000 an 2010 zu Lëtzebuerg entwéckelt huet. Et mierkt een, dass de Choix vill méi grouss ginn ass. A wann Ufanks den 1980er nach éischter dës Meenung d'Regel war: „Hip Hop war déi Zäit exklusiv bal nëmmen New York ... Dat heescht op Englesch rapen als Lëtzebuerger huet déi Zäit e bësse blöd geklongen ... Et war iergendwéi schwéier, well s de als Lëtzebuerger iergendwéi keng Sprooch has fir ze rapen", dann ass et ganz intressant ze gesinn, dass et aktuell eng ganz Rëtsch Lëtzebuerger ginn, déi sech entschloss hunn, an hirer Mammesprooch ze rapen. Dee Komplex, deen et nach virun 20-30 Joer gouf, ass haut mëttlerweil aus der Welt geschaf. Eng aner Ännerung, déi d'Joere mat sech bruecht huet, ass, dass déi Rap-Kënschtler, déi zu Lëtzebuerg täteg sinn, net nëmme méi reng op de Party Rap konzentréiert sinn, mä sech och mat soziale Problemer ausernee setzen a kritesch u verschidden Themen eru ginn. Mir denken do ganz besonnesch un De Läb, déi ënneranerem, déi lëtzebuergesch Iwwerflächlechkeet an Hypocrisie uprangeren. Nieft dësen Artisten, déi hir Mammesprooch benotze fir sech auszedrécken, fënnt een awer och nach eng ganz Rëtsch talentéiert Artisten, déi op Franséisch rapen.

Ofschléissend realiséiert een dann, dass déi véier Haaptelementer, déi den Hip Hop ausmaachen, am Grand-Duché ukomm sinn a sech etabléiert hunn. Et mierkt een, dass et effektiv eng Lëtzebuerger Hip-Hop-Kultur gëtt, déi sech besonnesch säit dem Millenium staark entwéckelt huet. Eng Kultur, déi ee wierklech net brauch ze fäerten, och wann hire Ruff net ëmmer an engem positive Liicht steet.

Et kann een also behaapten, dass den Alain Tshinza e ganz intressanten a flotte Réckbléck op dräi „Hip-Hop-Generatioune" fäerdeg bréngt, währenddeem ee sech deemnowéi och selwer u seng Jugend erënnere kann. Fir vill Jonker vun onser Generatioun war an ass den „Hamilius" de „lieu de rencontres" vun der Schoulzäit. Et huet een sech virun der Schoul do getraff an ass dann zesummen oder getrennt an déi verschidde Lycéeë doruechter gefuer (oder och net), fir sech dann an der Mëttesstonn nees do erëmzefannen an seng Fräizäit do ze verbréngen. Och wann déi meescht Personnagen am Film nëmmen iwwerflächlech behandelt goufen, sou gläichen déi phaseweis ästhetesch ganz flott Biller sou wéi déi dozou passend Musek dëst nees aus.

Alles an allem, kann een awer vun engem ganz intressanten Zäitdokument schwätzen, dat en Deel vun der rezenter Lëtzebuerger Geschicht behandelt mat all senger kultureller Villfalt. ◆